ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, **dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 84)** un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Den 12. Februar huet d'Spuerkeess bekannt ginn, datt ab dem 27. Mäerz 2020 11 vun hire Filialen uechtert d'Land zougemaach ginn. Et muss een dobäi wëssen, datt d'Spuerkeess zu 100 Prozent dem Lëtzebuerger Staat gehéiert. Dëse Schrëtt ass a mengen Ae besonnesch onverständlech, well sech d'Regierung an enger rezenter Chamberdebatt iwwert d'Dezentraliséierung bereet gewisen huet, fir de ländleche Raum opzewäerten. Elo geschitt awer just de Contraire. D'Ewechfale vu Bankfilialë ka besonnesch och eisen eelere Matbierger Problemer bereeden, déi sech manner séier der Digitaliséierung upasse kënnen. Et ass grad och wichteg, datt de ländleche Raum eng beliefte Plaz bleift.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. War d'Regierung am Virfeld informéiert iwwert dës Virgoensweis vun der Spuerkeess?
2. Ass d'Regierung averstane mat der Virgoensweis vun der Spuerkeess?
3. Wann nee, ass d'Regierung bereet, schnellstméiglech ze intervenéieren an déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen, fir d'Fermeture vun de genannte Bankfilialen ze verhënneren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten